

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7956 et dispense du second vote constitutionnel

5. Question élargie n° 190 de M. Marc Spautz au sujet de l'évolution du taux de chômage

p. 24

M. Marc Spautz | M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

6. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi Lénk au sujet de la pauvreté laborieuse

p. 25

Exposé : Mme Myriam Cecchetti (dépôt des résolutions 1 et 2)

Débat : M. Paul Galles | Mme Carole Hartmann | M. Dan Kersch | Mme Djuna Bernard | M. Jeff Engelen | M. Sven Clement

Prises de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | M. Max Hahn, Ministre de la Famille et de l'Intégration (intervention de M. Sven Clement) | Mme Djuna Bernard (parole après ministre) | M. le Ministre Max Hahn

Résolution 1 : M. Dan Kersch | Mme Myriam Cecchetti | M. Dan Kersch

Vote sur la résolution 1 modifiée (adoptée)

Résolution 2 : M. Dan Kersch | M. Paul Galles | M. Dan Kersch | M. Paul Galles | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement | Mme Myriam Cecchetti

Vote sur la résolution 2 (rejetée)

7. 8235 – Présentation du rapport de la Sous-commission « Télétravail » de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

p. 33

Rapport de la Sous-commission « Télétravail » de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Dan Kersch

Débat : M. Marc Spautz | M. Gusti Graas | M. Charles Margue | M. Jeff Engelen | Mme Myriam Cecchetti | M. Sven Clement

Prise de position du Gouvernement : M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Georges Engel, Mme Joëlle Welfring et M. Max Hahn, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Ech maachen d'Sitzung op a froen direkt d'Regierung, ob se eng Kommunikatioun ze maachen huet.

(Négation)

Dat ass net de Fall.

2. 8041 – Projet de loi instaurant un régime d'aides en faveur des propriétaires de maisons et de bâtiments d'habitation construits avant le 31 août 1986 en vue de l'amélioration de l'isolation acoustique contre le bruit aérien en provenance de l'aéroport de Luxembourg et modifiant la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit

Da kënnen mer direkt zur Fortsetzung vun eisem Ordre du jour kommen, an do geet et ëm de Projet de loi 8041 ...

(Brouhaha)

... iwwert d'Aféierung vu Bähillefe fir d'Verbesserung vun der akustescher Isolatioun vun Haiser géint de Kaméidi vum Flughafen. Rapporteur ass den Här François Benoy an hien huet elo direkt d'Wuert. Dir wësst, dass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht ass. Här Benoy, et ass un Iech.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

M. François Benoy (déi gréng), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Hären, Madamm Ministesch, mam Gesetzesprojet 8041 schafe mir Hëllef, fir Wunnengen akustesches ze isoléiere géint de Kaméidi vum Flughafen. D'Gesetz iwwerhëlt de Gros vun den Dispositiounen aus dem Regime aus dem Règlement grand-ducal vum 18. Februar 2013 iwwert dës Hëllef an schafft also eng stabil legal Basis. Et gëtt awer och dervu profitéiert, fir eng méi proaktiv, effikass an einfach Approche ze huelen, fir d'Biergerinnen an d'Bierger ronderëm de Findel besser géint de Kaméidi vum Flughafen ze schützen.

Duerch d'Prise en compte vun den aktuellste Kaméidiskaarten, déi no den europäeschen Normen opgestallt

goufen, an der Baisse vun de Kaméidislimitte vu 70 op 64 dB am Dag a vu 60 op 54 an der Nuecht, kommen elo daitlech méi Leit an de Genoss vun den Aiden. Wann am ale Regime just 400 Haiser eligibel waren, esou sinn et der elo potenziell 2.635, déi grouss Majoritéit dovunner um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg. Déi concernéiert Adresse stinn all eenzel an der Annex vum Gesetz.

D'Prozedur gëtt fir dës Schallschutzprogramm vereinfacht, andeems d'Qualitéit vun den Aarbechten elo stéchprouwenaarteg kontrolléiert gëtt. D'Aarbechte mussen natierlech den Exigence vum Gesetz entsprechen, soudass d'Biergerinnen an d'Bierger adequat virum Kaméidi geschützt ginn. Ënner anerem Investissementer bei de Fënsteren, Rollueden, der Ventilatioun an der Isolatioun vum Daach, grad wéi d'Berodung vun den Aarbechte si bis zu engem Montant vu 16.000 Euro fir en Haus an 8.000 Euro fir en Appartement méiglech.

Par rapport zum ale Regime ginn dës Montanten elo no uewen, dat un d'Präisevolutioun vum Material an de Personalkäschten, ugepasst, an et sinn och méi Elementer eligibel. Dës Aidë sinn och cumulabel.

Bleift nach ze preziséieren, dass just Gebaier, déi virum 31. August 1986 autoriséiert goufen, eligibel sinn, deen Datum, wou de PAP Aéroport et Environnement a Kraaft getrueden ass. Hei geet et also drëm, speziell déi Leit virum Kaméidi ze schützen, déi a sensibele Beräicher vun de Fluchschneise wunnen, a Gebaier, déi scho virum der Extenssioun vum Flughafen op där Plaz stoungen.

Ech wëll och nach eemol drop hiweisen, dass dës Mesur just eng vun de regulatoreschen, finanziellen an operative Mesuren aus dem Aktiounsplang géint de Kaméidi vum Flughafen ass, wéi zum Beispill d'Koppele vun den Terminalstaxen an de Geräuschpegel vun de Maschinnen an hir Startzäit, fir Maschinnen, déi vill Kaméidi maachen, an de Betrib an der Nuecht ze penaliséieren.

Här President, Dir Dammen an Hären, de Gesetzesprojet gouf de 5. Juli zejoert vun der Ëmweltministesch deposéiert. De Staatsrot huet säin Avis den 28. Februar ginn. De 24. Mee gouf ech zum Rapporteur ernannt a mir hunn an der Ëmweltkommissioun iwwert de Projet diskutéiert. Mir hunn dee Moment iwwert de Wee vu parlamentareschen Amendementen d'Resultater vun der strategescher Kaméidiskaart vun 2021 iwwerholl, déi eréischt nom Depot vum Gesetz finaliséiert gouf. Grad esou hu mer, opgrond

vum Staatsrot senger formeller Oppositioun, d'Wierder „en copropriété“ aus dem éischten Artikel gestrich, fir och sécher kee Propriétaire vun dësen Aiden auszuschléissen.

D'Salariats- an d'Handelskummer begréissen d'Gesetz. D'Salariatskummer freet sech iwwerdeems, ob och d'Locataire genuch vum Kaméidisschutz profitéieren.

Nodeems mir den zweeten Avis vum Staatsrot den 13. Juni kruten, konnt d'Kommissioun mäi schrëftleche Rapport, op deen ech fir weider Detailler verweisen, e Méindeg de Moien unhuelen.

Här President, Dir Dammen an Hären, dat hei ass e wichtegt Gesetz, duerch dat daitlech méi Leit ronderëm de Findel vu méi a besseren Hëllef géint de Kaméidi duerch de Flughafen kënnen profitéieren an deenen hir Liewensqualitéit doduerch verbessert gëtt.

Ech soen Iech an deem Sënn och villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

An dann huet d'Wuert de Paul Galles.

Discussion générale

M. Paul Galles (CSV) | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. A merci dem Rapporteur fir säi gudde mëndlechen an och schrëftleche Rapport zu dësem Gesetz, wat mer voll a ganz ënnerstëtzen.

Mir begéinen héchstwahrscheinlech op anere Plazen – de Rapporteur d'selwecht wéi ech och – ëmmer erëm Leit, déi dovun betraff sinn an déi eebe genau déi dote Problemer hunn, nämlech dass si mussen hiert Haus isoléiere bezéiungsweis géint de Schall dämme vis-à-vis vun dem Kaméidi, dee se vum Findel hier hunn. Dat heite Gesetz erlaabt, dat Ganzt op gutt Been ze setzen. Et erlaabt et souguer och, d'Zuel vun den Haiser, oder vun den Immeublen, déi eligibel sinn, nach e bësse méi héich ze maachen, wat mer natierlech och begréissen. An et ass vläicht och interessant ze wëssen, dass dat alles fir Haiser gëllt vu virum 1986, well dat den Datum war, wou eeben de Findel deemools ausgebaut ginn ass. Dat ass gesot ginn, dat ass richtig, jo genau; ech wollt et nach eng Kéier widderhuelen, well et awer interessant ass fir déi, déi nolauschteren.

An deem Sënn och den Accord vun eiser Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci.

An dann als nächsten huet d'Wuert den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. De Kaméidi ass ouni Zweifel e grouse Problem an eiser Gesellschaft. Kaméidisquelle gëtt et praktesch duerch d'ganz Land, sief dat den Autosverkéier, sief dat den Zuchverkéier, natierlech och d'Fligerei. Och verschidden Industriezonen droen derzou bäi. A mir sollen eis do kengen Illusiounen higinn, dat laascht natierlech och op der Liewensqualitéit vun eis alleguerten. Ech denken och zum Beispill un d'Autobunnen, déi duerch d'Land ganz vill Problemer mat sech bréngen. Déi Leit, déi relativ an der Proximitéit vun enger Autobunn wunnen, déi wëssen, wat dat alles bedeit. Sécher sinn do eng Rei Efforten an deene leschte Jorzéngte gemaach ginn. Als Beispill soll hei d'A3 genannt ginn, déi jo elo op dräi Spueren ausgebaut gëtt. Dat wäert mat Sécherheet nach zousätzlech Kaméidi mat sech bréngen. Ech denken un de Raum Léiweng/Beetebueg, do si jo och zousätzlech Mesüre virgesinn, a mir hoffen och, dass dat sech wäert eng Kéier an der Realitéit ëmsetze loos-sen.

Wat den Autosverkéier ubelaangt, gëtt et jo Leit, déi zum Beispill d'Elektroautoen éischter negativ gesinn, och deelweis souguer wëllen a Mësskredit bréngen. Ech wëll awer drop hiweisen, dass et een zousätz-lechen Advantage gëtt, dass ass eeben de Kaméidi. Den Elektroauto verursaacht vill manner Kaméidi wéi de Verbrennungsmotor. An dofir vläicht och emol un déi Leit, déi ëmmer esou negativ vis-à-vis vun dem elek-treschen Auto agefallt sinn, dass och ze bedenken, dass dat och eng Rei Virdeeler mat sech bréngt.

Natierlech ass et awer virun allem de Kaméidi vun de Fligere, deen eis ganz vill Suerge mécht, net nëm-men de Leit, déi hei ronderëm de Flughafen wunnen. Ech mengen, ech kommen aus dem Süden, ech kann Iech awer soen, dass een awer reegelméisseg, besonnesch och nuets, deemno wéi eng Maschinnen do amgaange sinn ze starten oder ze landen, och do de Kaméidi ze spiere kritt.

De Findel huet eng immens Evolutioun hanneru sech. Ech weisen drop hin, dass 1946 1.457 Passagéier noté-iert gi sinn, 1960 waren et der 55.591, an d'lescht Joer hate mer 4.114.291 Passagéier. Dat sinn Zuelen, déi aus dem Transportministère kommen, also musse se och stëmmen.

Donieft huet de Findel eng immens Evolutioun mat sech bruecht déi lescht Joren. D'Luxair huet eng Rei nei Destinatiounen. Da sinn och vill nei Airlinen op de Findel komm, wat jo ganz positiv ass, mee mir wëssen awer, dass dat zousätzlech Mouvementer mat sech bréngt, déi dann awer natierlech eng Rei Problemer mat sech entrainen.

Kee Wonner, wéi gesot, dass virun allem déi Leit, déi an direkter Proximitéit vum Findel wunnen, net ganz glécklech doriwwer sinn. Dowéinst ass et och gutt, dass déi Kaméidiskaart, fir se elo mol esou ze nennen, elo adaptéiert goug 2021, an déi huet jo och ganz genee Detailler duergestallt. Wéi gesot, et sinn 2.635 Haiser, déi elo eligibel sinn. Dofir, vum Prinzip hier ass et lue-wenswäert, dass elo versicht gëtt, deene Leit gewëssen Ënnerstëtzungen ze ginn, wa se sech besser wëlle géint de Kaméidi schützen.

De Rapporteur, den Här François Benoy, huet dat jo elo hei richteg gesot – ech soen him och Merci fir seng Rapporten –, dass eebe 16.000 Euro maximal pro Haus an 8.000 Euro pro Appartement kënnen accordéiert ginn. Dat sinn elo keng immens riseg Chifferen, an trotzdem ass et awer e ganz korrekte Montant, well mer musse jo awer wëssen, dass déi Moossnamen haut awer och vill Geld kaschten.

Et stellt sech natierlech ee Problem – dat ass och ugedeit ginn an der Kommissioun respektiv och am Rapport –: Wéi verhale mer eis vis-à-vis vun deenen Haiser, déi geschützt sinn? Do huet een natierlech e bësselche Schwierigkeeten, eng richteg Decisioun ze huelen, wat priméiert: Déi architektonesch Substanz respektiv op der anerer Säit awer och déi Moossname géint de Kaméidi? Do muss een also eng gutt Mëttel-léisung fannen.

Da wëll ech awer och drop hiweisen: Et geet net nëm-men duer, dass mer elo eng Symptombekämpfung hei maachen. Et muss een och d'Fro stellen, wéi wäit ee vläicht awer och um Niveau vun der Fligerei derzou bäidroen kann, dass manner Kaméidi u sech emettéiert gëtt. Do gëtt et eng Rei technesch Verbesserungen. Ech beruffe mech hei op Aussoe vu Spezialisten, zum Beispill vum Flughafen vu Frankfurt. Also wéi gesot, wann ee kee Spezialist ass, soll ee sech doudsicher awer hei emol op aner Referenze baséieren. Zum Bei-spill gëtt do versicht, gewëssen Agglomeratiounen méi ze ëmfléien. Da gëtt och versicht, eng méi gezielt Not-zung vun de Startbunnen ze maachen. Eng aner Mesür ass déi, dass d'Fligere géife méi géi lande respektiv starten, respektiv dass och d'Pilote méi prezis géife fléien. Alles dat géif derzou bäidroen, dass zum Beispill manner Kaméidi géif entstoën.

Dofir meng Fro och – ech weess, dass d'Madamm Mi-nister elo vläicht net direkt den Uspriechpartner ass, mee sech awer hei vläicht eng Kéier mam Här Trans-portminister kéint kuerzschléissen, inwiefern dat och um Niveau vum Findel méiglech wär, vläicht fir iwwert dee Wee nach derzou bäizidroen, dass manner Kaméi-di géif entstoën. Zum Beispill schwätzen déi Däitsch do vu „mehr Spurentreue“. Jiddefalls, um Frankfurter Flughafen huet sech dat awer positiv entwéckelt.

Vläicht e leschte Punkt, deen een nach muss an där ganzer Diskussioun hei uschwätzen, dass sinn déi Kon-trollen. Ech mengen, et ass evident, wann de Staat d'Subside gëtt fir Moossnamen, da muss en och d'Recht hunn, Kontrollen ze maachen. Hei gëtt natier-lech virun allem mat externe Spezialisten zesumme-geschafft. Dofir muss och nach eng Kéier Kontakt zwëschen dem Ministère an deene Spezialiste sinn. An dann och nach eng ofschléissend Fro: Hu mer och genuch Conseillers en acoustique, sou wéi dat jo dann och am Rapport hei zeréckbehale ginn ass? Hu mer där genuch hei zu Lëtzebuerg? Kënnen mer also där Aufgab do nokommen?

Mee ënnert dem Stréch jiddefalls ass et e ganz gudder Projet, deen och d'Ënnerstëtzung vun eiser Fraktioun fënn. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert

Mme Cécile Hemmen (LSAP) | Jo, merci, Här Presi-dent. Ech wäert mech och kuerzfaassen. Ech soen natierlech dem Rapporteur e grouse Merci fir den ausféierleche Rapport. Et goufe wierklech scho ganz vill Detailler genannt an ech wëll vläicht just déi puer Punkten ervirhiewen, déi der LSAP awer wichteg sinn an deemem Projet.

Jo, effektiv, ech ginn dem Här Graas vollkommene Recht: Kaméidi huet op Dauer ganz negativ Konsequenze fir d'Gesondheet. Laangfristeg Belaaschtung, wéi se och beispillsweis eebe just duerch e Flughafen an de Géigenden dorëmmer verursaacht gëtt, kann on-bewusst souguer zu Stress, zu Schlafstëierungen an och zu Häerz-Kreislaf-Erkrankunge féieren. Do gouf iwwerregens am Umweltbundesamt eng relativ grouss Rubrick doriwwer geschriwwen an der Rubrick eebe just, wat d'Lärmwierkung sinn. Et ass dowéinst och

wichtig, dass d'Leit, déi vum Flughafekaméidi betraff sinn, esou gutt wéi méiglech geschützt ginn, an dat op d'mannst an hiren eegene véier Wänn, wou se hir Rou da kënnen fannen.

Wat iwwerregens fir d'Mënsche gëllt – dat soll een net vergiessen –, dat gëllt och fir d'Déieren doheem. Och si kënnen Auswirkungen hunn oder spiere vun engem konstante Kaméidi, deen emol méi oder manner haart an desagreabel ass. Eng konsequent Kaméidisbekämp-fung ass souwuel wichtig fir d'Gesondheet wéi awer och ganz banal fir d'Liewensqualitéit vun de Leit am Allgemengen.

Mat deemem Projet de loi schafe mir also eng legal Basis, déi bis elo eebe just duerch e Règlement grand-ducal gereegelt war. Engersäits geet et jo drëms ze definéieren, wéi eng Haiser eigentlech am meeschte vum Ka-méidi a vum Fluchverkéier betraff sinn, an anerersäits geet et awer och drëms ze definéieren, mat wéi enge Konstruktions-elementer, mat wéi enge Moyenen eigentlech deem Kaméidi kann entgéintgewierkt ginn. A mat all dëse Präzisierungen kann ee feststellen, wéi eng Haiser eligibel sinn, fir Subventiounen bei bestëmmte Bauaarbechten ze kréien.

Wichtig ass nach ze betounen, dass et jo hei just ëm Gebaier geet, vun deenen d'Bauerlabnis virum 31. Au-gust 1986 virlouch. Et geet also ëm déi méi al Gebaier, déi an der Reegel manner gutt virum Kaméidi isoléiert sinn. Bis elo ware just wéineg Gebaier eligibel – dat gouf elo schonn e puer Mol gesot –, 400 Stéck, an an de leschte Jore sinn emol keng Dosen Ufroen eragereecht ginn, krute mer gesot. Mee duerch d'Upassungen an och d'Amendementen vun deemem Gesetzesprojet sinn elo méi wéi sechsmol esou vill Adressen eligibel, ën-ner anerem, well eeben och den toleréierte Kaméidis-plaffong ëm sechs Dezibel erofgesat gouf an d'Kaarten dann deemno aktualiséiert goufen. Mee och d'Prozedur gëtt vereinfacht an d'Héicht vun de Subventiounen geet an d'Luucht. Dat ass och absolutt néideg mat Bléck op déi klammend Präisser.

Am Kloertext heescht dat, dass mat deemem Projet eng stabil legal Basis geschafe gëtt, duerch déi méi Leit méi einfach vu méi héije Subventiounen profitéiere kënnen, fir hir Wunnenge géint de Kaméidi vum Fluch-verkéier ze isoléieren. Mee ech kommen och nach eng Kéier op dat zeréck, wat d'Chambre des Salariés bemierkt huet: D'Locataire sollen net vergiess ginn. Et ass also ganz wichtig, dass d'Propriétaires hei Verant-wortung iwwerhuelen a vun den Hëllef Gebrauch maachen, fir och esou d'Locataire virum Kaméidi ze schützen.

Wéi et am Exposé des motifs schéi resuméiert gëtt, ver-stärkt dëse Projet de loi d'Sécurité juridique an e léisst eng méi effikass Approche zou, fir de Mënsch besser virum Flughafekaméidi ze schützen. Et ass e gudden an néidege Gesetzesprojet, deen iwwerregens och Be-standdeel vum jëtzege Koalitionsaccord ass.

Ech ginn domat natierlech den Accord vun der LSAP. Merci.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Léif Kol-leegen, ech wëll och ufänken an dem Rapporteur Merci soe fir dee gudder Rapport an direkt och soen, dass mer dëse gudder Projet natierlech ënnerstëtzen – wéi kéint et aneschtens sinn? Et si vill Leit betraff vum Ka-méidi. Dat huet e groussen Afloss op hir Liewensquali-téit. Dat huet e groussen Afloss och op hir Gesondheet. Et ass awer nun emol esou, dass mer e Flughafen brau-chen. Et ass och nun emol esou, dass de Fluchverkéier

warscheinlech net ofhëlt an den nächste Joren, an da muss een eebe kucken, wat fir eng Méiglechkeeten een huet. An hei dëst Gesetz schaaft dofir d'Viraussetzungen, fir eebe de Leit dann hir Liewensqualitéit ze verbesseren.

Weiderhi wëll ech awer och deene Leit Merci soen, déi do wunnen a sech asetze fir hir Liewensqualitéit. Dat ass net ëmmer einfach, net jiddwereen huet ëmmer déi Zäit. Hei ass et natierlech och esou, dass op Drock vun de Leit, déi do wunnen, eppes beweegt ka ginn. Dat kann ee sech och als Beispill huelen op anere Plazen. An hoffe wëll ech weiderhin op technesch Verbesserung vum d'Fligeren. Mir wëssen, dass se och ëmmer méi lues ginn. Et wier gutt, wann dat och nach géif esou weidergefouert ginn. Dorop hu mir natierlech elo hei als Chamber manner Afloss.

Zum Schluss nach wëll ech soen, dass och aner Plazen hei am Land betraff sinn, ënner anerem bei Autobunnen, bei Autobunnsbrécken, där gëtt et der och hei am Land, wou och relativ vill Kaméidi hierkënn. Do gëtt et aner Méiglechkeeten, mee och do muss een déi néideg Moossnamen ergräifen, fir d'Liewensqualitéit vun de Leit ze verbesseren.

Dat gesot, soen ech Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Myriam Cecchetti. Dir hutt d'Wuert, Madamm Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President, als Alleréisch dem Rapporteur emol e grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport. Dëse Projet de loi reit sech an an eng Rei Mesüeren, déi geholl ginn, fir géint d'Lärmelästegung virzegoen, an zwar déi vun de Fligeren, déi duerch de Findel verursaacht gëtt.

Ech maachen e ganz kuerzen Historique. 2008 sinn déi Valeurs limites, wat de Kaméidi betrëfft, bei ënner 70 dB à court terme a 65 dB à long terme festgehalen ginn. 2013 gouf en éischte Régime d'aides ausgeschafft, fir datt d'Awunner aus der Fluchschneis hir Haiser besser géint de Kaméidi isoléiere solle kënnen, wat jo alles mat enger Rei Ausgabe verbonnen ass. Am Koalitionsaccord stoung dann och dran, datt dëse Régime d'aides onbedéngt op de Leescht soll geholl ginn, fir de Leit eng besser Liewensqualitéit kënnen ze garantéieren. 2021 goufen dann zwou Mesüeren adoptéiert, an zwar datt de Régime d'aides soll bäibehale ginn, fir datt d'Bierger/innen hir Wunnenge besser akustesche isoléiere kënnen, an datt eng Simplification administrative agefouert soll ginn.

Här President, bei der Carte de bruits mat de Zones prioritaires ass sech op déi aktuellst beruff ginn, déi mir hunn, nämlech déi vun 2021 an net, wéi usprénglech virgesinn, déi vun 2016. Dat féiert dann och derzou, datt méi Stéit eligibel sinn, fir vun dëse Mesüere kënnen ze profitéieren, wat net méi wéi richteg ass, well déi Leit jo och aktuell betraff sinn. Dat ass also kee Kaddo, mee et ass eng Realitéit, datt Bierger/innen do wunnen, déi e Problem mat Fluchkaméidi hunn.

D'Subventionen, déi bezuelt ginn, fir déi verschidde Mesüeren ze maachen, sinn och an d'Luucht gesat ginn, wat an eisen Aen och kee Kaddo ass, wann ee gesäit, wéi d'Präisdeierecht sech an deene leschten zwéi Joer mam Krich an der Ukrain entwéckelt huet.

Dës Montanten erlaben et sozial schwaache Stéit nach ëmmer net, dës Sanéierung am akustesche Beräich virzehuelen, well de Bierger nach ëmmer en zolitte Montant aus senger eegener Täsch muss bezuelen – an e muss dës Sue jo souwisou emol iwwerhaapt hunn, fir se virzestrecken. A mir wësse jo, wéi laang et dauert, bis een als Bierger/in seng Subsidien, déi een zegutt

huet, kritt, well eebe net genuch Beamt/innen an dësem Moment nach an deem Ministère schaffen, fir dat iwwerhaapt kënnen ze bewältegen, déi ganz Aarbecht.

Här President, bei de Belaaschtungen duerch de Kaméidi vun de Fligere stellt sech jo awer emol eigentlech d'Fro vum Fléien u sech. Dass vill geflu gëtt a soumat och tendenziell méi Fligeren um Findel starten a landen an datt doduerch och méi Kaméidi entsteet, huet jo an éischter Linn och domadder ze dinn, dass beim Persounen- a beim Wuerttransport de Fliger oft déi eenzeg méiglech Optioun ass. A wann et Alternative gëtt, da si se entweder ze deier oder einfach net konkurrenzfähig oder onzouverlässig: Zich, déi vill ze spët kommen, Uschlëss, déi doduerjer verpasst ginn, Zich, déi ganz einfach ausfalen.

Ganz vill Vollen um Findel betreffe jo éischter kuerz Distanzen an eis Nopeschlänner oder a Stied an Europa, déi och mam Zuch gutt a séier erreechbar kéinte sinn. De Problem ass awer nach ëmmer, dass déi Zuchreese einfach ze laang an ze ëmständlech sinn an dann och deels méi deier si wéi de Fliger. Als Beispill kann een do natierlech den Trajet Lëtzebuerg–Berlin nennen. Et ass sécher esou, dass iwwert d'Ubanung iwwer Koblenz den däitsche Réseau besser mat Lëtzebuerg verbonnen ass, mee trotzdeem sinn néng bis zéng Stonnen einfach ze vill. Oder och nach den Trajet Lëtzebuerg–Hamburg, och hei iwwer aacht Stonnen. An dann däerf et zu kenge Verspéidunge beim Émsteige kommen – wat bal ni de Fall ass! –, oder et sinn Aarbechten um Trajet an da verpasst een den nächsten Zuch.

Dofir menge mir, dass d'Prioritéit onbedéngt op d'Verbesserung vun dëse Konnexiounen muss geluecht ginn, natierlech a Kooperatioun mat eisen europäeschen Nopere. Donieft brauch et en attraktiven Tarif, fir dass d'Leit d'Optioun Zuch och als sënnavoll an abordabel Alternativ kënne wouerhuelen a gesinn. Och Nuetszich mussen erëm méi zum Asaz kommen. D'éisträichesch Bunn mécht et jo do vir. Bequeem ze reesen duerch d'Nuecht géife vill Leit unhuelen, besonnesch och, well domat net en hallwen Dag am Fliger an an engem Flughafenterminal verluer geet. Och déi extra Zich, déi et an der Zäit gi si fir zum Beispill op d'Belsch Plage oder op d'Côte d'Azur, missten nees reaktivéiert ginn, a mat speziellen Horairen an Tariffer, fir se méi attraktiv ze maachen.

Här President, beim Cargo ass d'Problematik natierlech och nach eng ganz aner, well d'Fracht mam Fliger vu wäit hier kënnt. Trotzdeem ass fir eis den Ausbau vum Giddertransport op der Schinn eng Méiglechkeet, fir Cargovollen zumindest innereuropäesch ze reduzéieren.

Eng Zort Volle gesi mer awer besonnesch kritesch, an dat sinn déi privat Businessvullen. Et ass dat Segment vun der Fligerei, wou beim Kaf vu Maschinnen an och bei der Zuel vun de Vollen de gréissten Zouwuess ze verzechnen ass. Eleng Lëtzebuerg huet am Joer 2022 laut dem europäeschen Daachverband vun dëse Gesellschaften knapps 8.000 esou Starts a Landungen um Findel gehat, dat sinn der ronn 25 den Dag. Et ass och, fir deenen hiren onverschämte Luxus ze decken, firwat de Staat akustesche Isolatiounen finanziert a firwat d'Leit am Kaméidi sëtzen! Si fléien iwwer eis Käpp ewech, loosse eis de Kaméidi an d'Verschmutzung hei, a fort si se – de Weekend op Ibiza, op Mykonos oder soss anzwousch an der Welt! Wa mer manner Fluchverkéier a –kaméidi wëllen hunn, da muss mer genee bei deenen doten als Alleréisch usetzen. Här President, leider si mir als Gesellschaft nach ëmmer net prett, fir eis esou Gedanken ze maachen. An déi, déi se sech maachen, gëlle leider als extreem an onrealistesche Spänner/innen – leider!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, hunn awer nach eng Fro, déi ech elo net agebaut hunn: Wéi ginn d'Leit, déi eligibel sinn, gewuer, datt se eligibel sinn? Kréie se e Courier, vu datt mer jo vun administrativer ... Voilä, ech war mer net méi sécher, ech wollt datt d'Ministesch froen, mee si wäert mer dat dann herno esou beäntweren. Wéi se mam Kapp genéckt huet, denken ech, dass dat esou ass an dat ass och ganz gutt esou.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President, merci dem Rapporteur. Effektiv ass et esou, dass d'Fligere bemierkbar sinn. Virun allem owes, wann een am Bett läit, kritt een dat méi oft mat. Ech kann do och e Liddchen dervu sangen, wann zu Péiteng d'06 op ass an d'Fligeren iwwer Péiteng erandrënen, da kritt een dat effektiv nawell mat, an dofir ass et gutt, dass mer deene Leit hëllef. Och dozou sti mer als Piraten.

Et muss een awer trotzdeem de Constat maachen, dass ënnert zwou gréngen Ëmweltministesch an engem gréngen Ëmwelt-Transportminister esou vill geflu ginn ass wéi nach ni virun. Alleguer déi Leit, déi gehofft hunn, dass, wann déi gréng an der Regierung sinn, do e bësse méi op den Ëmweltschutz géif opgepasst ginn, sinn natierlech enttäuscht ginn!

(Interruption)

Dat ass leider e Constat, deen ee muss maachen: Ënner hinnen ass am meeschte geflu ginn.

Elo wäerten et d'Fluchgesellschaften selwer sinn, déi de Leit éischter wäerten hëllef. Wann Der elo kuckt, den neie 737 MAX, deen d'Luxair wäert kréien, wäert 40 % Reduktioun am Kaméidi matbréngen, soudass dat de Leit awer effektiv eppes wäert hëllef. Dat selwecht beim 777, deen d'Cargolux elo wäert huelen a géint de 747-800 (veuillez lire: 747-400) wäert austauschen.

D'Madamm Cecchetti huet Recht: D'Privatfligeren, dat stéiert och eis Piraten, wann do déi kleng Privatjetten fléien.

(Interruption)

Ech schwätze vun de Privatjetten, wou der wësst, dass Millionäre mat ganz vill Geld do kënnen dermat fléien.

(Interruption)

Dass deen Trafick zu Lëtzebuerg zougeholl huet, dat hat ech och schonn eng Kéier an enger Interventioun kritiséiert, dat ass sécherlech eppes, wat een ...

(Interruptions et brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Wann ech gelift!

M. Marc Goergen (Piraten) | Ech verstinn, dass dat d'Regierung elo e bëssen opreegt, well mer hu jo och matkritt, dass och Ministere mam Privatjet op Lugano fléien, anstatt eng Linn ze huelen. Ech verstinn, dass dat déi Reien do elo bëssen opreegt. Ech géif mer och wënschen, d'Regierung géif net méi op Privatjetten zeréckgräifen a se géif e Linneflug huelen. Virun allem, wann ee kuckt, Lugano – et war jo den Här Fayot –, do ass Mailand ganz no derbäi, hätt een och kënnen huele mat siwen, aacht Vollen den Dag; mee nee, Dir hutt op Privatjetten zeréckgegraff. Ech verstinn, dass Dir Iech dofir elo och opgereegt hutt.

Mir Piraten wäerten dat heite matstëmmen, mee et muss een awer eng Kéier iwwerleeën, ob mer déi Praxis vun de Privatjetten an alles weiderféieren.

Merci.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Do-mat wär déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss, an d'Wuert huet direkt d'Madamm Ëmweltministesch. Dir hutt d'Wuert, Madamm.

Prise de position du Gouvernement

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Merci, Här President. Gudde Mëtteg alleguerten, de Gesetzesprojet 8041 stellt, wéi elo scho gesot, eng Aktualiséierung vun den Dispositione vum Aideregimm vun 2013 iwwert de Schallschutz duer, mat deenen d'Awunner ronderëm de Flughafen Lëtzebuerg an de Genoss vu Subventionen kommen, mam Zil, eng Verbesserung vun der akustescher Isolatioun an hire Raimlechkeeten ze erméiglechen.

Dës Aktualiséierung mécht, dass d'Reglement vum 18. Februar 2013 ofgeléist gëtt, an et ass eeben eng Exekutioun an eng Ëmsetzung vum Aktionsplang géint de Flughafekaméidi, deen am Regierungsrat vum 16. Juni 2021 approvéiert gouf. An et ass natierlech och en Element vum Koalitionsaccord.

(M. Fernand Etgen prend la présidence.)

Vun deem Aideregimm kënnen also Propriétaire vun Haiser a Wunngebaier ronderëm de Flughafen profitieren, wann dann d'Konstruktioun virum 31. August 1986 autoriséiert gouf, well dës war nämlech d'Joer, wou de Flughafen – wéi schonn ugeschwat – nom deemolege Plan d'aménagement partiel „Aéroport et Environs“ vergréissert gouf. Dës entsprécht awer och de Vergaben aus der Motioun vum 10. Juli 2002. An domadder si mer do wierklech en accord mat de verschiddenen Elementer.

Dëse Gesetzesprojet hält d'Majoritéit vun den Dispositione vum Règlement grand-ducal vum 2013 erëm an et hunn eebe missen eng ganz Rei Upassunge gemaach ginn, wat d'Montante vun de Subsidien ugeet, well och natierlech d'Präisdeierecht, déi ass, wéi mer se kennen, och wat de Präis vun de Bauten ugeet. Natierlech och, well den technesche Stand evoluéiert huet an awer och d'Erkenntnisser ronderëm d'Kaméidis-expositioun ronderëm de Flughafen sech erweidert hunn.

Dofir huet ... Wéi och schonn ugeklungen: Den Eligibilitätsberäich ass vergréissert ginn, op Basis eebe vun de ganz aktuelle Kaméidiskaarten, déi mer elo hunn. An déi Evaluatioun oder EU-wäit Evaluatiounsmethod ass och gemaach ginn, an dat alles huet mat sech bruecht, dass mer och nach méi niddreg Grenzwärter applizéiert hunn.

Voilà, wat och nach derbäikomm ass, ass, dass mer 2018 nei Recommandatiounen vun der Weltgesundheitsorganisatioun kritt hunn, déi och wierklech déi Grenzwärter ganz maassgeblech beaflosst hunn, soudass d'Unzuel vun den eligibelen Haiser a Wunnhaiser, déi vun den Aidé profitieren, natierlech erhéicht konnt ginn. Genau.

Dat Ganzt huet natierlech och zu enger juristescher Sécherheet gefouert a konkret ..., wéi gesot, d'Grenzwärter sinn erfogaangen. Dat heescht, et sinn net méi wéi virdru 400 Adressen eligibel, mee 2.635. An déi Adresse goufen identifizéiert iwwer d'Kaméidiskaarten an et gouf nach eng Marge mat erageholl vun 1 dB, fir och wierklech den Onsécherheete Rechnung ze droen. Wierklech do eleng duerch déi dote Saach sinn 1.254 Adresse méi eligibel ginn. A selbstverständlech bleiwen och Propriétaire, déi ënnert dem ale Regimm eligibel waren, och elo nach eligibel.

Wat awer och derbäikomm ass, ass, dass mer keen Ënnerschied méi maachen tëschent der massiver an der lichter Bauweis. Dat heescht, dat ass och nach eng

Vereinfachung, an och nach, dass mer anzwëschen dann och d'Fensterdiere mat eranhuelen an déi eligibel Bautenelementer an och Rolluedekëschen, wat virdru net de Fall war. Do waren et haaptsächlech Maueren, Diecher an och Fësteren, déi eligibel waren. Dat heescht, do si mer och nach e Stéck méi wäit gaange wéi an dem viregte Regimm. Voilà.

Jo, d'Honorairé fir d'Berodungen an d'Iwwerwaachung vun den Aarbechte si jo och an d'Luucht gaangen. Dat heescht, dat war och nach en Argument, fir d'Héicht vun den Aiden an d'Luucht ze setzen. Eng Rei administrativ Vereinfachunge goufen och virgeholl, soudass wierklech just nach ee Rapport fir d'Berodung, d'Fäerdegstellung an och d'Receptioun respektiv muss erstallt ginn an net méi dräi Exemplaire mussen erageschéckt ginn. An et ass och elo en digitale Wee, wéi déi Saache kënnen agereecht ginn, virgesinn. Dat heescht, dat ass wierklech och eng Vereinfachung an der Praxis. Voilà.

Dee ganzen Aideregimm huet eng Lafzäit vun zéng Joer. Dat ass och am Buget pluriannuel elo esou vermierkt. An dann, jo, hu mer, wéi och scho gesot, den Observatiounen vum Staatsrat Rechnung gedroen an do den Term „copropriété“ erausgeholl, fir dass dat wierklech kloer ass, dass och Leit, déi eenzel Propriétaire si vun enger Wunneng an engem grouse Wunngebei, kënnen eenzel hire Projet erareeche an net mussen waarden, bis d'ganz Kopropriété der Meinung ass, dass dat e gudder Wee wier. Voilà, dat heescht, mir hunn eng zousätzlech Flexibilitéit domadder erakritt, wat wierklech gutt ass an der Saach.

Voilà, an d'Fro gouf gestallt, wéi mer kommunizéieren wäerten. Dat heescht, do wëlle mer elo souwuel déi Leit uschreiwen, déi do eligibel sinn – dat heescht, mir maachen do en Toutes-boîtes, mir maache Mailingen, mir maache Communiquéen och iwwer eisen Internetseite, déi ginn och elo gläich eraus –, an dann hu mer och nach wëlles, natierlech d'Leit, déi wierklech och am Fach sinn, ze informéieren.

Et gouf och d'Fro gestallt, ob mer genuch Berodung hunn. Verschidde Kategorie vun de Professionellen aus dem Secteur, déi hei a Fro kommen, déi ginn och an eise Kommunikatiounen kloer ernimmt, soudass d'Leit wëssen, wien do vun de Leit, déi am OAI ageschriwwen sinn, och ka kontaktéiert ginn. Eiser Meinung no hu mer do genuch Kompetenzen zu Lëtzebuerg, fir dass dat dote ka gemaach ginn.

Vläicht dann och e ganz klengt Wuert zum Kaméidisplang. Dee Kaméidisplang, dee gëtt jo och ëmgesat. Dat ass, wou mer wëllen op der Source och awierken. Dat heescht, do hu mer och Elementer an do sinn och scho 16 Mesüeren ëmgesat ginn elo dovunner, och zum Beispill dann dat, wat mer „continuuous descent“ nennen. Dat heescht, dass d'Fligerechen och eng Fluch-aart a -weis kréien, wéi se landen, dass dat net méi a Paliere geschitt, mee méi duerchgängeg, wat och derzou féiert, dass de Kaméidi gedrosselt gëtt an esou Ufluchmanöveren. Dat ass eng Saach.

An da ware jo nach aner Froen komm, op déi ech nach wëll kuerz agoen. Schallschutzwänn ronderëm d'A3, dat ass ugeklungen, dat ass e Souci, wou awer och schonn eng Kéier – dat ass e bëssen hors sujet, mee trotzdem wëll ech dorop agoen – mat enger Motioun hei am Haus derfir gesuergt ginn ass, dass do och e Schallschutz virgesinn ass. Dat heescht, dat ass e Problem, dee misst geléist sinn.

An dann, bon, d'Tariffer hunn ech schonn ugeschwat. Méi Fléien an och d'Tariffer – soen ech emol – vun den Zuchreeren, dat ass och eppes, wat EU-wäit e Problem ass. Dat heescht, eise Mobilitéitsminister setzt sech och do op europäeschem Level derfir an, dass mer do wierklech och eng kohärent Approche kréien. Dat ass natierlech näischt, wou mer als Lëtzebuerg kënnen

eleng bestëmmen, mee ech weess awer aus sécherer Quell, dass de François Bausch sech dofir asetzt, fir dass mer och do de Leit valabel Alternative kënnen ubidden zu de Fligerreeren. Do sinn ech awer ganz bei där doter Remark an dat gëtt och ganz seriö geholl.

Voilà, ech mengen, ech hunn elo den Tour gemaach vun deene Froen, déi nach op waren – ech hoffe jiddfalls. Wann net, kënn Der déi gärten nach eng Kéier stellen. Ech soen Iech Merci fir d'Opmierksamkeet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Ëmweltministesch Joëlle Welfring. Parole après ministre fir den Här Marc Goergen

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo, merci. Éischer eng Fro, an zwar hu mer jo elo ganz vill vum normale Linientrafik geschwat, mee Dir wësst jo sécherlech och, dass d'AWACS nach ëmmer hei landen, reng zu Trainingszwecker. Dat sinn déi 707, déi maachen dräimol esou vill Kaméidi wéi e ganz normale Cargolux-Fliger, an et ass ee vun deenen, wou d'Leit sech am meeschte beschwéieren. Wäert d'Regierung dann net eng Moossnam huelen, fir dass déi Trainingsflieg net onbedéngt mussen zu Lëtzebuerg sinn? Well Dir hutt hei e Gebitt, wou immens vill Awunner sinn. Et gëtt jo ganz aner Flughäfen, déi militäresch kënnen bedéngt ginn. Et ass e reng militäresche Fliger, eng al 707 aus de 70er-, 60er-Joren, déi bestëmmt net méi CO₂-konform ass a vum Kaméidi hier guer net.

Dir hutt elo vun de Linne geschwat. Et wär jo eigentlich eng ganz normal Léisung, ier een d'Fenster ofdicht, dass ee vläicht déi Fligere géif anzwousch anescht trainéiere loosse. Wäert Der e bëssen op dee Wee goen? Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. An d'Wuert geet zréck un d'Madamm Ëmweltministesch.

Mme Joëlle Welfring, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable | Merci fir déi Fro. Dat do sinn och sécher Sujeten, déi mer an der Commission consultative aéroportuaire adresséieren. Ech wäert déi dote Fro elo nach eng Kéier mathuele bei den Här Bausch. Et ass allerdéngs esou, dass ee bei esou Saachen natierlech net als eenzegst Memberland do kann doriwwer decidéieren, wien dierf landen a wien net. Do hu mer international Ofkommessen an déi Charge vum Kaméidi muss do och e bësse verdeelt ginn. Voilà, ech huelen dat awer och emol nach eng Kéier mat a wäert dat adresséieren.

Merci fir d'Fro.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Ëmweltministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8041. Den Text steet am Document parlementaire 8041⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8041 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Max Hengel), MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Gusty Graas), Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

3. 8213 – Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins pour personnes âgées à Rumelange

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 8213 iwwert déi staatlech Finanzéierung vum Altersheem zu Rémeleng. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An de Rapporten vun dësem Projet de loi ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Claude Lamberty (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, duerch d'Promotioun vun engem gesonde Liewensstil a Fortschrëter am Beräich vun der Fleeg an awer och besonnesch vun der Medezinn geet d'Liewenserwaardung hei am Land an den Undeel vun der eelere Populatioun generell ëmmer méi an Luucht. Dat ass u sech eng ganz positiv Saach, déi natierlech awer och Erausforderunge fir d'Gesellschaft mat sech bréngt, ënner anerem, wat d'Betreiung an d'Personal, wat gebraucht gëtt, an och wat d'Strukturen, déi néideg si fir déi eeler Leit, betrëfft.

2022 hunn zu Lëtzebuerg ronn 95.000 Persounen iwwer 65 Joer gelieft, wat zirka 15 % vun der gesamter Bevëlkerung entsprécht. D'Liewenserwaardung bei de Fraen, déi louch deen Ament bei 84,8 Joer an déi vun der männlecher Populatioun bei 80,3 Joer. D'Unzuel u Senioren am Land ass an de leschte Joerzénge ëmmer méi grouss ginn an deen Trend wäert sech – duerch déi virdrun erwäunte Fortschrëter – och weider verstärken.

Dann dierf een och net vergiessen, dass e weidere Grond fir déi grouss Hausse sécherlech och op d'Zäit vun de sougenannte „Babyboom-Joren“ zrëckzeféieren ass: An de 50er- a 60er-Jore koumen, wéi den Numm et scho seet, immens vill Mënschen op d'Welt, déi elo quasi all am Pensiounsalter ukomm sinn oder ënnerwee dohinner sinn. De Projektioun vum der Sécurité sociale no kéint bis 2060 den Niveau vun 200.000 Leit iwwer 65 Joer a méi hei am Land erreecht ginn.

D'Liewenserwaardung an de Wuesstem vun der eeleren Populatioun si wichteg Facteuren, fir de Besoin un neie Servicer an och Strukture fir Senioren ze

anticipéieren. Als Politick musse mer derfir suergen, dass all Persoun, déi vun den Alters- a Fleegegeservicer wëll profitéieren, och Accès dorobber huet, sief dat aus finanzieller Hisiicht, andeems mer garantéieren, dass all Mënsch sech e Bett an enger Struktur fir eeler Leit ka leeschten, oder och aus dem méi pragmatesche Bléckwénkel, andeems mer kucken, dass genuch Better insgesamt zur Verfügung stinn.

Wat de finanziellen Accès betrëfft, wëll ech op dëser Plaz nach eng Kéier rappeléieren, dass d'Reform vum sougenannten „Accueil gérontologique“ um Instanzewe ass, mat där mer eng finanziell Hëllef aféiere fir Leit, déi sech kee Bett an engem Heem kënne leeschten.

Wat elo d'Unzuel u Better betrëfft, huet d'Regierung an der leschter Zäit schonn opgestockt a wäert och an Zukunft weider an den Ausbau vun den aktuelle Strukturen respektiv an de Bau vun neien Alters- a Fleegeheemer investéieren. Dobäi muss ee wëssen: De Moment gëtt et zu Lëtzebuerg ronn 6.600 Better, déi opgedeelt sinn op 53 Strukturen.

Net nëmmen d'Unzuel, mee och de Profil vun de Residenten an den Alters- a Fleegeheemer huet sech iwwert déi lescht Joren nawell staark verännert. Déi eeler Leit, déi waarden hautdesdaags ëmmer méi laang, bis se sech an eng Struktur beginn, a gräife léiwer op d'Hëllef vun entweder Familljememberen oder och op extern Hëllef vu Soins à domicile zréck. Säit der Aféierung vun der Assurance dépendance am Joer 1999 huet d'Politick sech och kloer fir de Maintien à domicile ausgeschwat, well mir einfach wëssen, dass d'Leit sech ganz oft am wuelsten doheim an de véier eegene Wänn, an hirem gewinnnten Ëmfeld fillen.

Déi meescht eeler Leit ginn hautdesdaags deemno eréischt an en Alters- oder Fleegeheem, wann se méi intensiv Soine brauche respektiv hir Gesondheet et einfach net méi zouléisst, eleng kënnen doheemzebleiwen. Effektiv hunn zejoert 60 % vun de Beneficiaire vun der Assurance dépendance bei sech doheim gewunnt a just 40 % hunn an enger Struktur gewunnt.

En gros gesi mer dräi Facteuren, déi sech bei de Bewunner vun den Altersstrukture geännert hunn: engersäits eng Hausse vun der Altersmoyenne an eng Degradatioun vum Gesondheitszoustand dee Moment, wou d'Aschreiwung an der Struktur stattfënn, an anerersäits och eng méi kuerz Durée de séjour. Generell sinn 30 % vun de Seniore männer wéi ee Joer laang an engem Alters- oder Fleegeheem ageschriwwen. Zejoert louch d'Altersmoyenne bei 83 Joer an d'Hallschent vun de Residenten waren iwwer 86 Joer.

Mat der Hausse vun der Altersmoyenne klëmmt och d'Prévalenz vu verschiddene Krankheeten, déi am Zesummenhang mam héijen Alter stinn, zum Beispill Diabetes, Demenz, Kriibszorten, awer och verschiddene Zorte vun Handicappen, wéi zum Beispill de Verloscht vum Gehéier oder och vun der Siicht. Et ass dofir wichteg, dass mir engersäits modern Altersstrukturen hunn, déi de Besoin vun den eelere Leit gerecht ginn, an anerersäits och genuch qualifizéiert Personal, fir de Bewunner héichwäerteg Soine kënnen ze offéieren.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, mam virleiede Gesetzesprojekt schafe mer eng legal Basis fir de Finanzement vun engem neie Fleegeheem zu Rémeleng. Konkreet geet et drëms, dass aalt Gebai ofzerappen an duerch eng méi modern Struktur ze ersetzen. 120 nei Better wäerten entstoen a wäerte vu SERVIOIR geréiert ginn. Fir d'Konstruktioun vum neie Fleegeheem ass e Budget vun ronn 600 Milliounen Euro (veuillez lire: 66 Milliounen Euro) virgesinn, an deen ënnerlaid deemno dem Artikel 99 vun der Verfassung, dee virgesäit, dass all staatlech Depense iwwer engem Plaffong vu 40 Milliounen muss gesetzlech autoriséiert ginn.

Déi nei Struktur soll souwuel fir eeler Leit ausgeriicht sinn, déi reegelméisseg an och intensiv Soine brauchen, wéi och fir Senioren, déi nach méi autonom sinn a just punktuell a vereenzelt Ënnerstëtzung brauchen. Et wäert souwuel privat Beräicher ginn, déi aleng fir d'Residenten reservéiert sinn, wéi awer och Raim, déi gemeinsam souwuel vun de Bewunner wéi och vum Personal an och vun de Visiteure kënne genotzt ginn.

Nieft der Privatsphär vun de Seniore gëtt nämlech och vill Wäert op de soziale Kontakt an och de Austausch geluecht, deen, wéi mer alleguerter wëssen, ausschlaggebend – oder mat ausschlaggebend – fir d'Wuebfefanne vun net just den eelere Leit, mee awer och besonnesch vun den eelere Leit ass. D'Residenten solle sech zu all Zäit doheim fillen, sech gutt versuerge an encadréiert spieren, ma och – an dat ass, mengen ech, ganz wichteg – weider e groussen Deel un Autonomie behalen.

Wéi an all den anere Strukture vu SERVIOIR wäerten och zu Rémeleng reegelméisseg Aktivitéiten fir d'Senioren organiséiert ginn, als Beispill: Thés dansants, Spillowenter oder Ausfluch. Wat d'Restauratioun betrëfft, wäert sur place gekacht ginn an d'Essen entweder am Restaurant vum Heem oder och op Wonsch am Zëmmer kënnen zerwéiert ginn. Natierlech gëtt heibäi ganz vill Wäert op eng ausgeglachen, gesond an och altersgerecht Ernährung geluecht. SERVIOIR engagéiert sech ausserdeem dozou, en exzellente Rapport Qualité-Prix ze offéieren a sou vill wéi méiglech lokal Produiten ze benotzen.

Nieft dem Hebergement, der Restauratioun an der Animatioun kënnen d'Residenten awer natierlech och vun enger Rei vu Gesondheits- respektiv Wellnessservicer profitéieren, wéi vun engem Kiné, engem Ernährungsberater, engem Ergotherapeut oder och ganz einfach engem Coiffeur.

De Projet de loi, wéi e virläit, gouf den 11. Mee 2023 offiziell deposéiert, den 8. Juni an d'Familljekommissioun iwwerginn, den 13. Juni koum den Avis vum Staatsrot, den 30. Juni gouf ech zum Rapporten ernannt an de 4. Juli gouf de Rapport an der Kommissioun gestëmmt.

Fir all Detailler verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Rapporten Claude Lamberty.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt e grouse Merci un de Président-rapporteur, dee sech ganz séier an de Sujet ageschafft huet, well viru 14 Deeg oder dräi Woche wosst en nach net, wat dat fir e Projet wier. Dofir merci Här Lamberty fir Är exzellente Ausféierungen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Altersheim vu Rémeleng – ech erlabe mer, dass hei ze soen, wat och vill Leit am Minett wäerte soen: „Ma endlech!“ Well d'Geschicht vum Altersheim vu Rémeleng geet ganz wäit zeréck. Et ass schonn deemools, wéi d'Haiser aus der Santé an aus der Famille zesummegeleuecht gi sinn ..., déi méi stänneg Kolleegen heibannen, déi wëssen dat, dass et virdru bei deenen engen d'Fleegeheimer gi sinn a bei deenen aneren d'Altersheimer gi sinn an dass duerno déi Zesummeleueung komm ass, wat och plazeweis erkläert, firwat bei deenen engen ëmmer d'Toiletten um Zëmmer waren a bei deenen aneren net, dass dat och nach dorop zeréckgeet, dass dat virun allem d'Haiser aus der Santé waren, déi virun allem Fleegeheimer waren, wou virun